adrenalin
déi jonk adr

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2009

Betrëfft: *Stellungnahm vum* adrenalin *mat Bezuch op d'Verlängerung vum Videoiwwerwaachungsgesetz*

D'*adrenalin* deelt mat, datt se prinzipiell mat der Iddi vun enger Iwwerwaachung vu verschiddenen ëffentleche Plazen averstanen ass, soulaang et zu enger Verbesserung vum Schutz vum bäidréit. Dëst awer nëmmen ënner Virbehalt. Dës Plazen dierfen eiser Meenung no nëmme vun engem Gremium, dat aus de Vertrieder vun enger onofhängeger Kontrollkommissioun an der respektiver Gemeng besteet, ausgewielt ginn. D'Plaze mussen, dem groussherzogleche Règlement vum 1. August 2007 no, duerch Schëlder oder Piktogrammer markéiert sinn.

Dës Videoiwwerwaachung dierf eiser Meenung no och nëmmen ënner de strenge Kontrolle vun dëser neigegrënnter an onofhängeger Kontrollkommissioun, dat heescht, net duerch den Iwwerwaacher selwer, duerchgefouert ginn.

Eng Evaluéierung vum Projet, wéi se am *Règlement grand-ducal* vum 1. August 2007 am Artikel 10 virgeschriwwen ass, ass onbedéngt vun dëser onofhängeger Kontrollinstanz duerchzeféieren an viru weidere Moossnamen, beispillsweis enger Verlängerung vum respektive Gesetz, ze publizéieren. Aus dësem Grond ënnerschreiwe mer de Pressekommuniqué vun der Aktioun "*Mir iwwerwaachen d'Iwwerwaacher*" vum 13. Dezember 2009 mat.

de Comité vum adrenalin

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg

www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu